



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2020



Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet an den Här Gesondheitsminister weider ze leeden.

Haut de Moie war aus der Presse gewuer ze ginn, datt et Problemer beim Finanzement vun de 4 neien IRM'en ginn. D'Gesondheitskeess (CNS) sollt ee Fënneftel vun de Käschten droen, am Moment blockéiert d'CNS awer, an huet weider Analyse gefrot. D'Diskussiounen tëscht der CNS an der Santé géifen awer lafen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Wéi laang ass scho gewosst datt d'CNS net bereet ass hiren Deel vun den IRM'en ze bezuelen? War de Finanzement net am Virfeld mat der CNS ofgekläert ginn?
- Wat fir eng Analysen huet d'CNS nach gefrot?
- Wat geschitt wann d'CNS zur Conclusioun kënnt, si géif hiren Deel net finanzéieren?
- Wat seet dëse Blockage vun der CNS, deen et iwwregens och an aneren Dossiere gëtt, iwwer de Fonctionnement vun eise Gesondheetssystem aus?

Här President, ech bieden lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:

07 FEV. 2020

Dossier suivi par : Nathalie Weber

Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le
Parlement

Luxembourg, le 6 février 2020

Référence : 830x64e8f

Objet : Questions parlementaires n°1660 et 1673 du 7 janvier 2020 et du 8 janvier 2020 de Monsieur le Député Marc Spautz et de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet de la participation de la CNS aux frais d'acquisition d'équipements IRM

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de la Santé et du soussigné aux questions parlementaires n°1660 et 1673 du 7 janvier 2020 et du 8 janvier 2020 de Monsieur le Député Marc Spautz et de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo au sujet de la participation de la CNS aux frais d'acquisition d'équipements IRM.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.


Romain SCHNEIDER
Ministre de la Sécurité sociale

Annexe(s) : Réponse aux questions parlementaires n°1660 et 1673





Gemeinsam Äntwert vum Minister vir sozial Sécherheet a vum Gesondheitsminister op d'parlamentaresch Froen n° 1660 an 1673 vun den Här Deputéierten Marc Spautz a Mars Di Bartolomeo iwwert d'Participatioun vun der Gesondheetskeess beim Finanzement vun de neien IRM Apparater

Am Virfeld sief präziséiert, dass d'Gesondheetskeess ni refuséiert huet, hiren Deel vum Finanzement vun den IRM'en bäizedroen ab dem Moment wou déi Equipementer vum Gesondheitsminister autoriséiert waren. Als Member vun der Commission permanente pour le secteur hospitalier (CPH) huet d'Gesondheetskeess un den Diskussiounen an där Commissioun als responsablen Acteur deelgeholl.

Den 29. Mee 2018 huet d'CPH hiren Avis zu der Uschafung vun de 4 neien IRM'en ginn. D'Autorisatioun zu dësem Avis gouf den 5. Juni 2018 vum Gesondheitsminister ausgestellt. D'Froen zum Finanzement vun den IRM'en goufen de 24. Januar 2020 an der CPH diskutéiert .

Et ass festgehale ginn, dat zousätzlech Équipementer am Kader vun engem Extensiounsprojet vun engem Spidolsservice ënnert d'Artikelen 8 a 15 vum Spidolsgesetz falen an zu 80 % vum Staat finanzéiert ginn. Déi aner 20% ginn vun der Gesondheetskeess am Kader vum Artikel 74, Abschnitt 4, vum Code vun der sozialer Sécherheet finanzéiert.